N°287
Entrée le 06.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.02.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/02/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.

2022 hunn, laut Rapport annuel vum Familljeministère, 4705 Leit de REVIS an RMG ugefrot. Net all Mënsch, deen de REVIS ufreet, kritt dësen awer accordéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Persounen hunn an deene leschte 5 Joer de REVIS ugefrot, an en net accordéiert kritt? Wat waren hei déi heefegste Grënn?
2. Wéi vill Persounen hunn op Grond vun dem Refus Recours ageluecht?
3. Wéi vill Persoune kruten no dësem Recours dunn awer de REVIS accordéiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten